**Gemeng Rammerich**

# Gemengerotssëtzung vum 1. Juni 2023

## Dagesuerdnung:

1. Deliberatioun iwwer d'Rechnunge vum Exercice 2022, déi nach anzedreiwe bleiwen.
2. Deliberatioun iwwer d'Opdeele vu verschiddene Kadasterparzelle fir kënnen drop ze bauen.
3. Deliberatioun iwwer déi d'Geneemegung vun der provisorescher Schoulorganisatioun vum Grondschoulunterrecht vun der Gemenge Rammerich fir d'Schouljoer 2023-2024, abegraff de PEP (Plang fir de schouleschen Encadrement) an de PDS (Schouleschen Entwécklungsplang).
4. Deliberatioun iwwer d'Unhuele vun de Konte vum Schäfferot fir 2021.
5. Deliberatioun iwwer d'Unhuele vun de Konte vum Gemengereceveur fir 2021.
6. Deliberatioun iwwer d'Ufro vun engem Zousazkredit am ausseruerdentleche Gemengebudget 2023 vun der Gemeng Rammerich: Uschafe vu Miwwele fir d'Gemengecrèche (Equipement vun engem neie Sall, deen ëmgebaut gëtt).
7. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vum kommunale Reglement iwwer d'Bauten, d'Weeër an d'Plazen.
8. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun den allgemenge Spezifikatiounen an de besonnesche Spezifikatioune wat d'Loune vum Juegtrecht a verschiddene Juegdlousen an der "Forêt Domaniale Indivise" fir d'Juegtjoren 2023/2024 bis 2031/2032 ugeet.
9. Deliberatioun iwwer den definitive Vott vum Gemengereglement iwwer de Bëschkierfecht am "Weierbësch" tëschent Flatzbour an Houltz.
10. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vu verschiddenen notariellen Akten.
11. Deliberatioun iwwer d'Confirmatioun vu verschiddenen zäitlech begrenzten dréngende Verkéiersreglementer.
12. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vu Recetten.
13. Äntwerten op d'Froen un de Schäfferot.

14. NET ËFFENTLECH SËTZUNG: Deliberatioun iwwer d'Propositioun vun der Affektatioun vun de Kandidat(inn)en op déi fräi Poste vum Léierpersonal am Grondschoulunterrecht, déi op der éischter Lëscht vum Minister fir Erzéiung, Kandheet a Jugend publizéiert gi sinn.

## Un der Sëtzung huelen deel:

Antoine Rodesch (Buergermeeschter, CSV), Myriam Binck (Schäffin, CSV), Mike Bolmer (Schäffen, CSV),

Michelle Brickler (DP), Sascha Hengen (LSAP), Marie-Louise Kettel (LSAP), Sonja Kettmann (CSV), Frank Melchior (CSV), Myriam Picard (LSAP), Pierre Pletschette (CSV), Romain Rausch (DP).

Entschëllegt:

Gemengesekretär: Marc Pletgen, Redakter: Conny Wantz

## Rapport vun der Sëtzung:

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) erënnert d'Conseilleren un d'Visitt vum Grand-Duc den nächsten Donneschdeg an der Leekoll a weist drop hin, datt déi nächst Setzung vum Gemengerot viraussiichtlech fir de 6. Juli virgesinn ass.

## 1. Deliberatioun iwwer d'Rechnunge vum Exercice 2022, déi nach anzedreiwe bleiwen.

De Gemengereceveur Paul Melsen presentéiert dem Gemengerot Rechnunge vun am ganzen 183.687,07 €, déi d'Gemeng fir d'Joer 2022 nach net bezuelt krut. Heivu si 7.556,23 € net méi anzedreiwen, fir déi de Receveur vum Gemengerot Decharge kritt, sou datt en Total vun 176.130,84 € nach anzedreiwe sinn.

Domat ass de ganze Gemengerot averstanen.

## 2. Deliberatioun iwwer d'Opdeele vu verschiddene Kadasterparzelle fir kënnen drop ze bauen.

D'Opdeele vun zwou Parzellen, eng an der Haaptstrooss zu Éischt, an eng an der Rue des Artisans zu Rammerich, ginn allebéid vum Gemengerot eestëmmeg ugeholl, mee d'Schäffin Myriam Binck (CSV) huet net um éischte Vott participéiert.

## 3. Deliberatioun iwwer déi d'Geneemegung vun der provisorescher Schoulorganisatioun vum Grondschoulunterrecht vun der Gemenge

## Rammerich fir d’Schouljoer 2023-2024, abegraff de PEP (Plang fir de schouleschen Encadrement) an de PDS (Schouleschen Entwécklungsplang).

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) stellt d’Schoulorganisatioun fir d’Grondschoul vun der Gemeng Rammerich vir. Déi gesäit fir d’Schouljoer 2023/2024 am Ganze 471 Kanner vir, an zwar 34 am Precoce, 117 am Cycle 1, 99 am Cycle 2, 103 am Cycle 3 an 108 am Cycle 4. Déi ginn opgedeelt op 3 Klassen am Precoce, 8 Klassen am Cycle 1, 4 Klassen am Cycle 2.1 an 3 Klassen am Cycle 2.2; all Kéier 4 Klassen am Cycle 3.1 an 3.2 an 3 Klassen am Cycle 4.1 a 4 Klassen am Cycle 4.2.

D’Gemeng, zesumme mam Schoulcomité an den Direktiounsbeoptragte vun de sozio-edukativen Opfangstrukture solle fir d’Rentrée 2023/2024 en neie Plang fir de schouleschen Encadrement ausschaffen.

Am Cycle 1 sollen d’Appui-Stonnen duerfir genotzt ginn, fir virun allem am Ufank vum Schouljoer e Konzept an eng Preparatioun vun enger méisproocheger Erzéiung entspriechend dem Kënne vun all Kand auszeschaffen.

Doriwwer eraus hält d’Schoulorganisatioun d’Aufgaben an d’Opdeelung vum Léierpersonal fest.

D’Schoulorganisatioun gëtt eestëmmeg ugeholl.

## 4. Deliberatioun iwwer d’Unhuele vun de Konte vum Schäfferot fir 2021.

Nodeems de Ministère verschidde Remarken zu de Konte vun 2021 gemaach hat, ënner anerem iwwer d’Fonctionnementsfraise vun de kierchleche Gebaier, d’Feele vun Drénk- an Ofwaassertaxe fir den Horesca-Secteur, d’Dispositiounen iwwer d’Deierungszoulag, vun enger Lounberechnung an der Kontabilitéit vun de Paien a Sozialbeiträg, op déi souwuel de Schäfferot wéi och de Gemengereceveur dem Ministère déi noutwendeg Explikatioune ginn hunn, schléissen d’Konte vum Schäfferot fir 2021 mat engem Gesamtdefizit vun 2.720.863,51 € of.

Dës Konte gi géint d’Stëmme vun den dräi LSAP-Conseilleren ugeholl.

## 5. Deliberatioun iwwer d’Unhuele vun de Konte vum Gemengereceveur fir 2021.

Déi identesch Konte vum Gemengereceveur, déi och en Defizit vun 2.720.863,51 € opweisen, ginn eestëmmeg ugeholl.

## 6. Deliberatioun iwwer d’Ufro vun engem Zousazkredit am ausseruerdentleche Gemengebudget 2023 vun der Gemeng Rammerich: Uschafe vu Miwwele fir

**d’Gemengecrèche (Equipement vun engem neie Sall, deen ëmgebaut gëtt.**

Fir d’Uschafe vu Miwwele fir den neie Sall vun der Crèche an der Maison Relais sinn am ausseruerdentleche Budget 8.000 € virgesinn. Den Total vun den Offere beleeft sech awer op 17.895,32 €, sou datt de Schäfferot proposéiert fir dee Kredit em 15.000 € ze erhéijen an de Gesamtboni entspriechend erofzesetzen (476.471,63 €), fir de Budget am Equiliber ze halen.

Domat sinn all Conseilleren d’Accord.

## 7. Deliberatioun iwwer d’Geneemegung vum kommunale Reglement iwwer d’Bauten, d’Weeër an d’Plazen.

Dat kommunaalt Reglement iwwer d’Bauten, d’Weeër an d’Plazen ass an enger Aarbéchtssëtzung am Detail diskutéiert ginn. Well keng weider Froe méi do waren, ass dat Reglement vum Conseil eestëmmeg ugeholl ginn.

## 8. Deliberatioun iwwer d’Geneemegung vun den allgemenge Spezifikatiounen an de besonnesche Spezifikatioune wat d’Loune vum Juegdrecht a verschiddene Juegdlousen an der “Forêt Domaniale Indivise” fir d’Juegdjoren 2023/2024 bis 2031/2032 ugeet.

Dat allgemengt an dat besonnescht Reglement iwwer d’Verpachtung vun der Juegd an der FDI d’Anlier fir d’Lousen « Anlier Nord » (2.092,7ha), « Anlier Sud »(2.011,7ha), « Honscheid-Neuperlé » (37,7ha), « Mertzel » (27,7ha) et « Trou-Rifflot » (37ha), hält ënner anerem d’finanziell Aspekter, d’Opdeelung vun de Juegdlousen a Fräizäit- oder Naturschutzparzelle fest. Well déi eenzel Lousen éischter verlount ginn, soll dat Reglement schonn am Juli a Kraaft trieden a gëtt vum Gemengerot eestëmmeg approuvéiert.

## 9. Deliberatioun iwwer den definitive Vott vum Gemengereglement iwwer de Bëschkierfecht am “Weierbësch” tëschent Flatzbour an Houltz.

Dat definitiivt Reglement iwwer de Bëschkierfecht am “Weierbësch” gëtt nom Avis vun der Sanitätsinspektioun eestëmmeg ugeholl. Et hält ënner anerem fest, wien hei ka begruewe ginn, wat d’Konzessioune beinhalten a wéi laang si daueren, wéi d’Äschen ze transportéiere sinn a begruewe musse ginn, déi administrativ Prozeduren a wéi een sech um Bëschkierfecht ze behuelen huet.

## 10. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vu verschiddenen notariellen Akten.

Véier notariell Akten, zu deenen de Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) déi néideg Explikatioune gëtt, ginn eestëmmeg ugeholl, an zwar: d'Gemeng Rammerich keeft vun der Madamm Nelly Roulling Terrainen a Weeër zu Ueschdrëf "Auf Homer" mat enger Gesamtfläch vu 16,44 Ar fir 4.110 €; d'Entreprise Maconlux S.à r.l. iwwerléisst der Gemeng Rammerich gratis 3 Parzellen "um Kneppchen" zu Ueschdrëf mat am Ganzen 3,86 Ar als Deel vun der Gemengeninfrastruktur; d'Entreprise REMS Engineering S.à r.l. tauscht eng Parzell vu 7 $m^2$ an der Rue de Schwiedelbrouch zu Rammerich géint eng Parzell vun der Gemeng Rammerich vun 11 $m^2$ an där selwechter Strooss; d'Gemeng Rammerich verkeeft en Terrain vun 0,40 Ar am Binnewee zu Houltz un den Här an d'Madamm Marc a Maggy Kalmes-Thilmany fir 200 €.

## 11. Deliberatioun iwwer d'Confirmatioun vu verschiddenen zäitlech begrenzten dréngende Verkéiersreglementer.

Verschidden zäitlech begrenzten dréngend Verkéiersreglementer ginn nodréiglech eestëmmeg confirméiert: Wéinst Uschlossaarbechten an der Rue Principale an dem Wee tëschent der Rue de Folschette an der Rue Principale zu Hueschtert vum 22. Mee bis den 9. Juni; wéinst Kanalaarbechten an der Rue Principale zu Houltz vum 22. bis 26. Mee; wéinst Aarbechten an der "Villa Rother" an der Rue du Faubourg op der Leekoll vum 23. Mee bis 23. Juli; wéinst Gruefaarbechten a provisoreschen Uschlossaarbechten an der Rue du Village zu Bungeref vum 30. Mee bis 2. Juni.

## 12. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vu Recetten.

Ouni weider Diskussioune sinn eng Rei vu Recette vun de Conseilleren ënnerschriwwe ginn.

## 13. Äntwerten op d'Froen un de Schäfferot.

Vun dräi Froen un de Schäfferot sinn der zwou direkt un den technesche Service weidergeleet ginn, an déi drëtt concernéiert net d'Gemeng, mee d'Ponts & Chaussées.

## 14. NET ËFFENTLECH SËTZUNG: Deliberatioun iwwer d'Propositioun vun der Affektatioun vun de Kandidat(inn)en op déi fräi Poste vum Léierpersonal am Grondschoulunterrecht, déi op der éischter

## Lëscht vum Minister fir Erzéiung, Kandheet a Jugend publizéiert gi sinn.

An enger net ëffentlecher Sëtzung huet de Gemengerot sech mat der Affektatioun vun de Kandidate befaasst, déi sich op déi oppe Posten vum Léierpersonal an der Grondschoul zu Kietscht gemeld hunn.